

Alfred gen. Fred SCHAAF
61, rue d'Echternach
L-6250 SCHEIDGEN

Scheedgen, den 26. Juni 2014

Un den

Här Buergermeeschter vun der Gemeng Konsdrëf.

Bonjour Här Buergermeeschter,

Den 10. Juni 1990 ass zu Präitler bei enger vum Piusverband organisierter "Journée Jean-Pierre Schmit" virum Gebuertshaus vum Jean-Pierre Schmit, deem als Komponist, Dirigent, Musekspädagog a Museksprofesser bekannt war an och nach haut ass, e Gedenksteen ageweit ginn. Sêi Gebuertshaus, a "a Wewesch" genannt, befënnt sech zu Präitler op der Nummer 5, an der rue Hicht. D'Plaque déi um Gedenksteen ubruecht ass, huet d' Opschrëft "Gebuertshaus vum Dr. mus. J.P. Schmit, 1904-1985, Komponist, Dirigent, Musekspädagog, Museksprofesser".

Zu ärer Informatioun wollt ech op 2 Texter verweisen, wou op dëse Gedenksteen higewise gëtt:

1. Am Buch vun der Dr. Christina Mayer iwwer "Baukultur aus dem Kanton lechternach" steet op der Säit 218 folgendes: *«Im Hof des gut erhaltenen Anwesens befindet sich ein Gedenkstein für den Musikwissenschaftler Jean-Pierre Schmit (1904 – 1985)»*

2. Den 19. September 2004 huet de Piusverband zu



Konsdrëf eng "Journée Jean-Pierre Schmit" organisiert an, an engem Bericht

doriwwer konnt en folgendes lesen: « Heute Dienstag wäre Dr. mus. Abbé Jean-Pierre Schmit, einer der größten und bedeutendsten Kirchenmusiker, Komponisten, Arrangeure, Dirigenten, Musikprofessoren, Musikkritiker und Musikpädagogen, die unser Land hervorgebracht hat, 100 Jahre alt geworden.

Zu diesem besonderen Anlass hatte die "Union Saint-Pie X", Dachverband der Kirchenchöre hier zu Lande mit 270 angeschlossenen Chören und rund 6000 Mitgliedern, am vergangenen Sonntag, eine "Journée Jean-Pierre Schmit" in Braidweiler und in Consdorf veranstaltet, die unter dem hohen Protektorat des Kulturministeriums und der Gemeindeverwaltung Consdorf stand.

Die Feier in Braidweiler wurde eingeleitet vor dem Geburtshaus "a Wewesch" von Jean-Pierre Schmit. Zahlreiche Familienangehörige, Bürgermeister Gilbert Schmit, die Schöffen Raymond Mirkes und Marcel Bausch, die Familie Poeckes, Besitzerin des Hauses, das Ehepaar André Laugs-Broers, das das Haus "a Wewesch" derzeit bewohnt und mustergültig in Stand hält, Jules Krieger, Mitglied des UGDA-Zentralvorstandes, viele Ehrengäste aus Kultur- und Musikleben sowie frühere Schüler und Chorangehörige von Jean-Pierre Schmit nahmen an der Feier teil. In einer kurzen, aber umso gefühlvolleren Ansprache erinnerte Roby Zenner, Präsident des Piusverbandes, an das einzigartige musikalische Schaffen Jean-Pierre Schmits auf sämtlichen musikalischen Gebieten. Er legte im Namen des Piusverbandes das Versprechen ab, "datt mer alles dru setzen, datt de Jean-Pierre Schmit ëmmer an iwwerall a beschter Erënnerung gehale gött".



Präsident Roby Zenner und Vizepräsident Alphonse Bock legten dann ein Blumengebinde mit der Aufschrift "L'Union Saint-Pie X reconnaissante" am Gedenkstein nieder, der am Sonntag, dem 10. Juni 1990, anlässlich der damaligen, vom Piusverband organisierten "Journée Jean-Pierre Schmit" vor dem Geburtshaus "a Wewesch" auf Nummer 5, rue Hicht mit der Aufschrift "Gebuertshaus vum Dr. mus. J.P. Schmit, 1904-1985, Komponist, Dirigent, Musekspädagog, Museksprofessor" eingeweiht worden war. Auch die Mitglieder des Schöffenrates schmückten den Gedenkstein mit Blumen. Während der nachfolgenden Gedenkminute

trugen Musiker der Musikgesellschaft aus Consdorf die "Sonnerie aux Morts" vor. »

Viru Jaren ass dëst Haus verkaaft ginn an domatter huet de Propriétaire gewiesselt. Ëm den Terrain ass dunn eng Mauer gebaut ginn an domatter ass de Gedenksteen hannert der Mauer verschwonnen an d' Awunner vu Prätler a Passanten hate keng Vue méi op dëse Gedenksteen, wat allgemeng bedauert gëtt.

Matt dëse Puer Zeilen wollt ech lech, Här Buergermeeschter op den Ëmstand opmierksam maachen dat de Gedenksteen seit Jaren an och elo nach verstoppt ass an ech wollt lech froen eppes ze ënnerhuelen vir de Gedenksteen erëm virun d' Mauer ze plazéieren.

Sollt et net méiglech sënn de Gedenksteen erëm siichtbar ze maachen, wollt ech lech bieten no enger anerer Léisung ze sichen an ev. de Gedenksteen ze versetzen an dann ev. eng verännert Plaque um Steen unzebréngen, wou op d' Gebuertshaus vum Jean-Pierre Schmit higewise gëtt.

Ech selwer an och bestëmmt aner Awunner vu Prätler wiere frou ech heibäi ze hëllef an eng Hand mat unzepaken.

Ech wënsche lech vill Erfolleg bei der Sich no enger Léisung.

Mat menge beschte Gréiss.

Fred Schaaf